N°4713
Entrée le 04.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.09.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Vill Patienten orientéieren sech hautdesdaags un Online-Bewäertungen, fir en Dokter oder eng medezinesch Ariichtung auszewielen. Déi publizéiert Bewäertunge kënnen domat e wesentlechen Afloss op d'Vertrauen an d'Entscheedung vun de Patienten hunn.

An dësem Zesummenhang ass ze bemierken, dass et sech bei Doctena ëm eng privat Entreprise handelt. Am Kader vun enger net veröffentlechter Patientebewäertung op dëser Plattform soll dës Äntwert vun der Doctena Customer Care un eng Persoun geschriwwe gi sinn: *„Les avis sont gérés par le cabinet/docteur. Doctena n'a pas accès aux avis."*

Aus dëser Äntwert geet ervir, datt d'Bewäertunge vum jeeweilege Cabinet respektiv vum Dokter geréiert ginn, an datt Doctena selwer keen Zougang zu dëse Bewäertungen huet.

Dës Praxis werft Froen op wat d'Transparenz vis-à-vis vun de Patienten ugeet. E Patient kéint unhuelen, datt d'Bewäertungen op enger medezinescher Plattform en onofhängegt an ëmfaassend Bild vun den Erfarunge vun anere Patienten duerstellen. Wann awer déi bewäert Persoun oder Ariichtung d'Méiglechkeet huet, en Afloss op d'Veröffentlechung vu Bewäertungen ze huelen, besteet de Risiko, datt de Patient e méiglecherweis onvollstännegt oder selektiivt Bild kritt an doduerch seng Wiel vun engem Dokter op enger falscher Informatiounsgrondlag trefft.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung bekannt, datt op Online-Plattformen am Gesondheetsberäich d'Bewäertunge

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

vun de Patienten duerch déi bewäert Dokteren oder medezinesch Ariichtunge geréiert kënne ginn?

2. Ass d'Regierung der Meenung, datt Patienten däitlech doriwwer forméiert musse ginn, wann déi bewäert Persoun oder Ariichtung en Afloss op d'Veröffentlechung vun de Bewäertunge kann hunn?

3. Wéi bewäert d'Regierung dës Praxis am Hibléck op de Verbraucherschutz an d'Vermeidung vu méiglecher Ierféierung vu Patienten?

4. Ginn et zu Lëtzebuerg oder um europäeschen Niveau Reegelen oder Verpflichtungen, déi garantéieren, datt Online-Bewäertungssystemer am Gesondheetsberäich transparent an zouverlässeg sinn?

5. Gesäit d'Regierung e Besoin fir zousätzlech Mesuren, fir sécherzestellen, datt Patiente bei der Wiel vun engem Dokter net duerch selektiv oder onvollstänneg Online-Bewäertunge beaflosst ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés